N°3510
Entrée le 26.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°3510 vum 22. Januar 2026 vun den honorabelen Deputéierte Ricardo Marques a Jeff Boonen.**

Am Kader vun den nationalen Ziler am Beräich vum Klima- an Ëmweltschutz, der Energietransitioun an der Reduktioun vun den $CO_2$-Emissioune spillt den Ausbau vun erneierbaren Energien eng zentral Roll. D'Photovoltaik stellt dobäi eng wichteg Technologie duer, déi et erméiglecht, lokal an nohalteg Stroum ze produzéieren.

Déi ambitiéis Ziler fir d'ëffentlech Gebaier – egal ob et sech ëm staatlech, kommunal oder aner ëffentlech Infrastrukturen handelt – stellen eng Erausfuerderung duer, mee si wichteg am Kontext vun de Klimaziler a kommen och dem Sekteur zegutt.

***Wéi vill ëffentlech Gebaier ginn et aktuell zu Lëtzebuerg déi a staatlecher Hand sinn?***

Beim Patrimoine den ënnert d'Verwaltung fir ëffentlech Baute fält si momentan 1'505 Gebaier déi dem Staat gehéieren.

***Wéi vill vun dësen ëffentleche Gebaier sinn aktuell mat enger Photovoltaikanlag equipéiert, a wéi engem prozentualen Undeel entsprécht dat vum Gesamtbestand?***

D'Approche vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten ass et fir virun allem déi Diecher wou een gréisser Flächen an och op en einfache Wee equipéiert kritt, prioritär unzegoen. Esou datt den Ament 18% vum Gesamtpotential vun  Daachflächen eng PV-Anlag hunn. Dat entsprécht 75 Gebaier, firun allem denen mat gréisseren Dachflächen, am Patrimoine vun der Verwaltung. Op de reschtlechen Daachflächen, wou et manner einfach ass eng Photovoltaikanlag ze installéieren, ginn technesch Léisungen analyséiert.  Domat ass elo schonn ongeféier 25% vun der Leeschtung vum Gesamtpotenzial erreecht. Weider 25% vun der potenzieller Leeschtung sinn momentan a Planung oder an der Exekutioun.

De Gesamtpotenzial vu PV-Anlagen op de Gebaier vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten ass eng graff Schätzung. Genee Zuele kënne réischt genannt ginn, nodeems d'Etuden vun alle Gebaier ofgeschloss sinn.

***Wéi vill Kilowatt Leeschtung ass installéiert a wéi vill Energie gouf d'lescht Joer produzéiert?***

Bis Ënn 2025 war eng Leeschtung vun ongeféier 13 MWp installéiert op de Gebaier vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten an et goufen ongeféier 12'080 MWh Energie produzéiert.

***Wien bedreift d'PV-Anlagen op ëffentleche Gebaier?***

D'Verwaltung fir ëffentlech Baute bedreift am Prinzip d'PV-Anlagen op de Gebaier an hirem Patrimoine. Et gi just ganz wéineg Ausnamen, wou dat net esou ass, wéi zum Beispill bei der PV-Anlag op dem Europäesche Geriichtshaff um Kierchbierg.

***Wéi vill ëffentlech Gebaier hunn an de leschten zwee Joer eng nei Photovoltaikanlag kritt?***

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet an de leschten zwee Joer op 13 Gebaier Photovoltaikanlagen installéiert.

***Verfollegt d'Regierung konkret Ziler oder eng Strategie, fir den Undeel vun ëffentleche Gebaier mat Photovoltaikanlagen an de kommende Joren ze erhéijen? Falls jo, wéi gesinn dës Ziler aus a bis wéini sollen si erreecht ginn?***

An der Mesure 109 vum PNEC ass virgesinn, dass bis 2030 all ëffentlecht Gebai eng Photovoltaikinstallatioun kritt, wou et sënnvoll a méiglech ass.

***Wat ass dat komplett Potenzial vu PV-Anlagen op ëffentleche Gebaier a staatlecher Hand, d.h. wéi vill Leeschtung kéint insgesamt produzéiert ginn?***

Et gi keng genee Zuele wat de Gesamtpotenzial op de Gebaier vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten ass, mee et kann ee schätzen, dass ongeféier 50 MWp méiglech sinn.

***Wéi eng Haaptproblemer oder Limitatioune gesäit d'Regierung aktuell beim weidere Ausbau vun der Photovoltaik op ëffentleche Gebaier (z. B. technesch, finanziell, administrativ oder denkmalschutzbedéngt Aschränkungen)?***

Prinzipiell hëlt d'Regierung all méiglech Mesuren, fir e Maximum u Photovoltaik op ëffentlechen an net ëffentleche Gebaier ze erméiglechen. Mat der Regierungsinitiative "Einfach, séier, erneierbar" goufen zum Beispill d'Reegelen fir d'Installatioun vu Photovoltaik op denkmalgeschützte Gebaier vereinfacht a clarifiéiert. Och wann all Daach an all Gebai ënnerschiddlecht Potential a potentiell Contrainten am Bezuch op Photovoltaik virweisen, esou versicht d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten bei all Gebai de Maximum u Photovoltaik-Kapazitéit erauszehuelen. Dat geschitt zum Beispill andeems een Daach fir d'éischt renovéiert gëtt, fir déi thermesch Isolatioun oder d'Ofdichtung ze verbesseren, d'Statik verstäerkt gëtt fir d'Gewiicht vun enger Installatioun konform zu de Sécherheetsbestëmmungen ze droen. Och ginn innovativ Léisungen analyséiert, déi eng Installatioun op Diecher mat héijer Verschattung, wéineg Plaz oder schlechter Statik erméiglechen.

Lëtzebuerg, den 26. Februar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes